N° 7166
Entrée le 14.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 14.11.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

Den Artikel 41 vum Naturschutzgesetz beseet, dass d'Regierung iwwer groussherzoglecht Reglement dierf Naturschutzzonen deklaréieren, déi am ëffentlechen Interessi sinn. Aktuell ass och d'Trenténgerdall an der Prozedur fir als Naturschutzzon ausgewisen ze ginn. Et handelt sech ëm 1700 Hektar Land, dorënner Bëscher, mee och Akerland a Wéngerten, an eenzel Baueren a Wënzeren an der Regioun sinn iwwert d'Zukunft vun hierem Familljebetrieb besuergt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Nom Artikel 40 vum Gesetz hunn d'Bierger d'Recht hier Géigenargumenter zu enger Ëmklasséierung eranzeginn.
   Wéi vill Reklamatioune betreffend der Ëmklasséierung vum Trentengerdall goufen agereecht a wéi eng Argumenter goufe géint eng Ëmklasséierung bruecht?
   Wéi enge Punkte wäert d'Regierung nokommen an Ännerunge virhuelen?

2. Fir wéi eng Aktivitéiten ginn déi verschidden Akerflächen, déi an d'Naturschutzzon solle kommen, benotzt?

3. Dierf um Akerland an an de Wéngerten, déi duerno an der Schutzzon leien, weiderhin eng Bio-Landwirtschaft oder Permakultur bedriwwe ginn?
   Falls jo, wäert d'Regierung de betraffene Bauere eng weider finanziell Hëllef ubidden, well si hire Betrib gezwongenerweis mussen ëmzestellen?

4. Wéi wäert d'Juegd am Naturschutzgebitt an Zukunft gereegelt sinn?
   Wäerten nei Juegdlouser entstoen?

5. Bleift d'Klappjuegd an dësem Gebitt weiderhin erlaabt?

6. Wat soll genau am Trentengerdall geschéien, wann d'Naturschutzzon ausgewisen ass a wéi een Impakt erhofft sech d'Regierung dobäi op d'Planzen- an Déierewelt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten